**Evangelium vum 19. Sonndeg am Joreskrees (Joer B)**

**Joh 6,41-51**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*
*A. Dir all Éier, Här.*

41 D'Judden hunn iwwer de Jesus geknoutert,
well hie gesot hat:
"Ech sinn dat Brout, dat aus dem Himmel erofkomm ass",
42 an si soten:
"Ass deen do dann net de Jesus, dem Jouseph säi Jong?
Kenne mir net säi Papp an seng Mamm?
Wéi kann hien elo soen: 'Ech sinn aus dem Himmel erofkomm'?"

43 De Jesus huet hinne geäntwert:
"Haalt op, ënnereneen ze knouteren!
44 Et ka kee bei mech kommen,
et sief dann, de Papp, dee mech geschéckt huet, géif hien unzéien;
an ech, ech loossen deejéinegen dann op Jéngsterdag operstoen.

45 Bei de Prophéite steet geschriwwen:
Si ginn *alleguer Schüler vum Herrgott*[i].
Jiddereen, deen op de Papp lauschtert a vun him léiert,
kënnt bei mech.

46 Et ass net, wéi wa scho jee iergendeen de Papp gesinn hätt;
nëmmen deejéinegen, dee vum Herrgott hier ass, huet de Papp gesinn.

47 Amen, amen, ech soen iech:
Wie gleeft, huet éiwegt Liewen.

48 Ech sinn d'Brout vum Liewen.
49 Är Pappen hunn an der Wüüst d'Manna giess,
an si si gestuerwen.
50 Dat hei awer ass d'Brout, dat aus dem Himmel erofkënnt,
fir datt deen, deen dervun ësst, net stierft.

51 Ech sinn dat liewegt Brout, dat aus dem Himmel erofkomm ass:
Wann ee vun dësem Brout ësst,
da lieft hien an Éiwegkeet;
d'Brout, dat ech ginn,
dat ass mäi Fleesch
fir d'Liewe vun der Welt."

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*

---

[i] *Is 54,13.*